



Dem Staat als Employeur ass et wichteg, all seng Agente géint sämtlech Forme vu Mobbing a sexueller Belästegung op der Aarbecht ze schützen. Ob Dir lech als Affer vu Mobbing fillt, Zeien, Virgesetzten oder Personalchef sidd, hei e puer Recommandatiounen.

**Service psychosocial**

35, rue de Bonnevoie (INAP - Gebai, 3. Stack)  
L-1260 Luxembourg

T (+352) 247-73100  
[service-psychosocial@mfp.etat.lu](mailto:service-psychosocial@mfp.etat.lu)

## Zesumme géint Mobbing op der Aarbecht!



Dës Broschür riicht sech un all Agent deen am öffentleche Secteur – dat heescht beim Staat, bei enger Gemeng oder an engem Etablissement public – schafft.



## Stellt déi richteg Froen

**Dir mengt Affer vu Mobbing oder sexueller Belästegung op Ärer Aarbechtsplaz ze sinn?**

### Dir fillt lech als Affer vu Mobbing?

Wann Dir mengt Affer vu Mobbing oder sexueller Belästegung ze sinn, dann ass et wichtig, datt Dir séier handelt. Haalt dat net fir lech. Hei dräi Mesuren, déi dozou bäidroen kënnen esou e Verhalten z'ännerbannen:

- Versicht wa méiglech d'Gespréich mam presuméierten Auteur ze sichen, him z'erkläre wéi Dir säi Verhalten empfand an hien opzefuerderen, mat dësem Behuelen opzehalen.
- Schwätzt mat Ärem Virgesetzte – wann hien net de presuméierten Auteur ass -, Ärem Personalchef oder Ärem Gläichheitsbeoptraagten. Si sinn éischt Uspriechpartner a kënnen lech weiderhëllefen.
- Huelt mam Service psychosocial vum Ministère fir d'Fonction publique Kontakt op. Jee no Besoin kann de Service psychosocial lech eng psychologesch Ënnerstëtzung ubidden. De Service psychosocial kann lech och, wann néideg, bei Ären Demarchen Hëllef ubidden - zum Beispill wann Dir eng Protektioun wëllt ufroen.

### Dir sidd Zeie vu Mobbing oder sexueller Belästegung?

Wann Dir matkritt datt en Aarbechtskolleeg gemobbt gëtt, da reagéiert a verbessert esou d'Aarbechtsklima:

- Versicht esou wäit ewéi méiglech där betraffener Persoun Är Hëllef unzebidden an erkläre Äre Bereetschaft, wann et geet, iwwert dës Situatioun auszesoen.
- Schwätzt mat Ärem Virgesetzten, Ärem Personalchef oder Ärem Gläichheitsbeoptraagten iwwert de Fall.
- De Service psychosocial steet lech och zur Verfügung.



### En Agent, deen ënnert Ärer Responsabilitéit steet, freet eng Protektioun un?

Als Virgesetzten hutt Dir d'Flicht déi néideg Protektiounsmaassname fir d'Agenten ze huelen déi ënnert Ärer Responsabilitéit stinn. Prinzipiell ass et wichtig, datt Dir eng neutral Haltung anhuelst, well et ufanks oft schwéier ass ze beurteilen, ob et sech ëm e Fall vu Mobbing handelt oder net. Eng Ufro fir Hëllef weist awer egal wéi drop hin datt et e Problem innerhalb vun Ärer Ekipp gëtt, ëm deen Dir lech musst këmmen.

Et ass un lech, d'Urschëllegungen eescht ze huelen, fir de Problem ze léisen:

- Huelt Kontakt mam Service psychosocial vum Ministère fir d'Fonction publique op. Dëse Service beréit lech bei der Ëmsetzung vu Protektiounsmaassnamen an informéiert lech iwwert d'Kommunikationsstrategien, déi Dir während dësem sensibelen Prozess braucht.
- Fir méi Informatiounen, liest d'Dokument « Fiche d'information: Harcèlement au travail » duerch. De Service psychosocial kann lech deen zur Verfügung stellen oder Dir kënnst en iwwert de Réseau RH erfroeden.

Déi männlech Form gëtt benotzt fir den Text méi lieserlech ze gestalten.